Fortnite

Fortnite ass ee Spill, dat mëttlerweil an der ganzer Welt bekannt ass.
Dësen Erfollegshitt huet am September ugefaangen ëmmer méi beléift ze ginn a kritt mëttlerweil all Dag méi eng grouss "Fanbase". Dëst vun "Epic Games" entwéckelt Spill ass virun allem duerch den "battle royale " Modus bekannt ginn. Am Ufank vun der Ronn sprangen honnert Spiller aus engem Party-Bus.

Dëse Bus, dee sech mat Hëllef vun engem Ballon heich an der Loft befënnt, flitt iwwert déi ganz Spillwelt. D'Spiller entscheede selwer, wéini et Zäit ass, fir si erauszesprangen a wou se gäre lande géifen. Soubal een an engem Deel vun der Spillwelt gelant ass, geet et dann och scho weider fir an der ganzer Spillwelt Waffen an extra Liewen ze fannen. D'Ziel vun dësem Spill ass et, als lëschten Iwwerliewenden iwwreg ze bleiwen a jidderee mat deene ville verschiddene Waffegattungen ze eliminéieren.

Dëst ass awer net dat eenzegt Ziel well och vill Leit sech och dofir entscheeden, einfach nëmmen sou vill wei méiglech Eliminatiounen ze kréien. Waffen, Shield -also extra liewen an Talent- sinn awer net dat eenzegt, wat ee brauch fir an dësem Spill ze gewannen. Ee vun deene wichtegsten Aspekter an dësem Spill ass d'Bauen. D'Bauen ass wat Fortnite zum Deel méi beléift gemaach huet wei säi Virgänger PUBG also "Player Unknown's Battleground“.

Praktesch alles wat sech an dëser Welt befënnt, ka mat Hëllef vun enger Spitzhack ofgebaut gi fir Ressourcen ze sammelen, déi dann erëm benotzt kenne gi fir ze bauen an sech an engem Kampf ee Virdeel ze verschafen. Fortnite gëtt oft ënner Kritik gestallt wéinst der Liichtegkeet mat där een un d Spill komme kann. Et ass liicht duerch d'Internetsäit vun "Epic Games" erreechbar an ass zousätzlech nach gratis. Et gëtt meeschtens vu Jugendleche mee och vu Kanner genoss. Wann ee gratis héiert freet een sech natierlech wei dëst méigleiseg ass. Deen éischte Grond ass, datt "Epic games" "Micro-transactions", dat heescht richtegt d'Geldfreet an dofir et erlaabt, säi Personnage individuell ze gestalte mat Hëllef vun "Skins" also Kostümer.

Deen zweete Grond wisou "Epic Games kee Geld fir Fortnite freet, ass, well et intern a Fortnite nach een "PvE", well heeschen "Player versus Environment", gëtt. Den "PvE" handelt vun enger Zombieapokalypsen an dem Ënnergang vun der Welt, deen awer op eng witzeg Aart a Weis vermëttelt gëtt. D'Zombie gi vum Computer gesteiert an et muss een duerch d'Baue vu grousse Festunge géint Horde vun Zombies iwwerliewen. Fortnite gëtt an de Medien oft als "brutal an "gewalttäteg" bezeechent wat och de Grond ass dass Fortnite bei Elteren net ëmmer ganz beléift ass.

Menger Meenung no ass dat awer ongerechtfäerdegt. Am Spill gëtt et keen Blutt oder soss iergendeng iwwerdriwwen Form vu Gewalt. Perséinlech géif ech et trotzdeem kengen Kanner vun zum Beispill 8 Joer Fortnite spillen loossen. Net well et ze brutal ass, mee well et deelweis zimlech komplizéiert sinn kann an Kanner net onbedéngt eens ginn.